Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

# Formatioun 'Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen.'

| | |
|---|---|
| **Fir ween** | all interesséiert Chef |
| **Formateur(en)** | CNAPA |
| **Wou** | Chalet Neihaischen |
| **Wéini** | **18. Nov 2023** vun **08:00** bis **17:00** |
| **Umeldung bis** | 16/11/2023 op https://chefbox.lgs.lu/formatioun/umellen/100/ |
| **Kategorie** | Pedagogesches |
| **Typ** | Diskussiounsronn, Dobannen |
| **Beschreiwung** | Wann dir d'Formatiounen ofgeschloss hutt, kënnt dir Sensibiliséierungsmaterial bei eis ausléinen, fir d'Thema mat äre Jonken am Grupp unzeschwätzen. |
| **Ziler** | No dem positive Feedback vu leschtem Joer proposéiert de Centre national de prévention des Addictions (CNAPA) de Scoutscheffen eng zweete kéier d' Formatioun zum Thema: Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen.<br><br>Themaen:<br>1. "Basisformatioun zur Richtlinn fir den Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen"<br>2. "Gespéichsféierung mat Jonken" (Übungen a Methoden) |
| **Inhalt** | Wéi ginn ech mat Jonken ëm, déi legal an/oder illegal Droge konsuméieren?<br>Am éischten Deel beschäftege mir eis mat der Richtlinn (Kooperatioun tëscht CNAPA a SIL) zum Ëmgang mam Konsum vun Drogen. Zousätzlech ginn déi verschidde Substanzen méi am Detail erklärt.<br>An engem zweeten Deel sti Methoden an Übungen am Mëttelpunkt fir mat Jonken iwwer dëst Thema ze schwätzen. Dës sinn interaktiv opgebaut, fir déi Jonk esou fir dëst Thema ze sensibiliséieren an am Sënn vu preventive Botschaften, laangfristeg positiv Effekter z'erzilen. |
| **Präis & Bezuelen** | 15.00 € Am Viraus<br>Bezuelinfos hues de an der Rechnung stoen. |